CSV

# OP DE PUNKT.

KONTAKT- AN INFORMATIOUNSBLAT VUN DER CSV DIDDELENG /// **OKTOBER 2016**

## /// RENTRÉE ZU DIDDELENG...




### Wou hinner mat de klenge Kanner...?

Säit 2012 gëtt eng kommunalgefeiert Crèche zu Diddeleng vun der LSAP-Majoritéit versprach. Awer bis elo ass déi nach net realiséiert. Wann an de leschte Joren sech net e puer Privat-Crèchen zu Diddeleng niddergelooss hätten, wär d'Situatioun zu Diddeleng lamentabel. D'CSV huet ëmmer nees gefuerdert :

- Mir brauchen eng kommunal geféiert Crèche, wou Lëtzebuergesch geschwat gëtt, wou flexibel Ëffnungszäiten ugebuede ginn, a wou eng sozial Präispolitik fir eis Diddelenger Kanner gemaach gëtt.

D'CSV Diddeleng sëtzt sech weider an, fir dass eng Gemenge-Crèche mat flexibelen Ëffnungszäiten op Diddeleng kënnt !

### Wéini kréie mer eng Bëschcrèche op Diddeleng?

Vill Diddelenger Elteren hunn d'Wichtegkeet vun der "Waldpädagogik" fir hiert Kand erkannt. Si bréngen déi kleng Butzen op Esch, Schëffleng oder Keel an d'Bëschcrèche ...well mir hei zu Diddeleng keng hunn !

D'CSV Diddeleng fuerdert säit Joren den LSAP- Schäfferot op, eng Bëschcrèche zu Diddeleng opzebauen: an der Le'h, op der Haardt oder bei der "Ponderosa" ..Mir hu vill ideal Siten zu Diddeleng.

D'CSV Diddeleng sëtzt sech weider an, fir dass eng Bëschcrèche op Diddeleng kënnt !

### ...Wou hinner mat de Schoulkanner vun deem neie Quartier Lenkeschléi..?

D'Straussfeier vum neie Quartier Lenkeschléi ass eriwwer. Déi éischt FamilLe plënneren Ufank 2017 an hier nei Haiser. Mee vun der geplangter neier Schoul mat Maison relais si vum LSAP-Schäfferot weder d'Baupläng virgestallt ginn, nach den Timing vum Bau präziséiert ginn.

D'CSV Diddeleng huet am Mee 2015 an och am Januar 2016 den LSAP-Schäfferot opgefuerdert virun ze maachen, well wann d'Kanner am Laf vun dësem Schouljoer 2016-2017 op Lenkeschléi eraplënneren, da gëtt et enk um Strutzbierg oder an der Waldschoul fir si opzehuelen. An et ass och keng Plaz an eise gutt gefëllte Maison Relaisen.

D'CSV Diddeleng wäert weider Drock maachen, fir dass d'Schoul an d'Maison relais op Lenkeschléi esou séier ewéi méiglech gebaut ginn.

### Wat maache mer fir d'Schoulkanner mat Dyslexie, Konzentratiounsschwieregkeeten an aner Schoulproblemer...?

Säit Jore fuerdert d'CSV Diddeleng, dass de Schäfferot 2 Gemengeposte schafe soll fir een Orthophoniste an ee Psychomotricien. Dës spezialiséiert Pädagoge kéinte wesentlech derzou bäidroen, dass eis Diddelenger Schoulkanner während de Schoulzäiten an hire Schoule kéinten déi néideg Ënnerstëtzung kréien.

Den LSAP-Schäfferot seet säit Joren NEEN dozou a mengt, déi vum Ministère proposéiert Hëllefen an de Klasse géiwen duergoen. An der Schoulkommissioun soen d'Schoulmeeschteren an d'Pädagogen awer, dass eis Diddelenger Schoulkanner däitlech méi Ënnerstëtzung brauchen!

D'CSV Diddeleng wäert sech asetzen, fir dass eis Schoulkanner déi néideg Hëllef kréien!

## /// D'CSV-FAKTIOUN AM GEMENGEROT



v.l.n.r. : Jean-Paul Gangler, Michèle Kayser-Wengler, Jean-Paul Friederich

## /// RENTRÉE ZU DIDDELENG... (SUITE)

### Wei geet et weider mat der Schoul um Däich ?

Ufank Juli war an engem Klassesall um Däich een Deel vum Plafong erofgefall. Noutdierfteg gouf de Sall zougemaach, an d'Schoulkanner gouwen op aner Klassen opgedeelt. D'Léierpersonal gouf berouegt, et wär "soss kee Problem" am Gebei. An et wär jo an 10 Deeg Vakanz...! D'Elteren an d'Ëffentlechkeet gouwe just vun der Press iwwert de Vierfall informéiert, awer **net** vum LSAP-Schäfferot! Während zwou Gemengerotssitzungen **am Juli** gouf kee Wuert iwwert dëse geféierlechen Incident gesot. Laut Press ass eng Expertise gemaach ginn, an et wären a 14 Säll (!) déi néideg Reparaturaarbechten an der Vakanz virgeholl ginn.

D'CSV Diddeleng hat am August Froen un de Schäfferot gestallt fir e.a. ze wëssen, ob an der Schoul Däich keng Sécherheetsrisike méi bestinn. Mir waarden nach ëmmer op eng Äntwert. Mir verlaangen eng Sécherheets- Garantie fir d'Schoulkanner an d'Léierpersonal

### Schoulpolitik, Familljepolitik... fir d'CSV-Diddeleng keng eidel Wierder!

Fir d'Rentrée 2016 hu mir konkret Proposë gemaach; Mir mussen:

- endlech eng kommunal Crèche schafe



fir eis Diddelenger Kanner, wou virun allem Lëtzebuergesch geschwat gëtt a wou d'Ouvertureszäite ganz flexibel sinn
- eng " Bëschcrèche " fir eis kleng Kanner um Site vun Diddeleng opriichten
- ee Psychomotricien an een Orthophoniste fir eis Diddelenger Schoulkanner astellen
- d'Sécherheet an eise Schoulen iwwerpréiwen an assuréieren
- derfir suergen, dass d'Schoul an d'Maison relais "Lenkeschléi" endlech gebaut ginn!

D'CSV Diddeleng wäert och weiderhin hannert dëse Fuerderunge stoen!

**D'CSV DIDDELENG: KONSTRUKTIV OPPOSITIOUNSPOLITIK ... MAT BËSS!**

### RENTRÉE À DUDELANGE...

*Dans l'intérêt des enfants de Dudelange, le parti CSV - Dudelange soutient ses revendications des dernières années (malheureusement pas soutenues par le bourgmestre et le collège échevinal, parti du LSAP).*

- *nous réclamons une crèche gérée par la commune, avec des horaires flexibles et une mise en valeur de la langue luxembourgeoise.*
- *nous réclamons une "crèche en forêt" sur le site de Dudelange.*
- *nous proposons d'engager comme employés communaux un orthophoniste et un psychomotricien pour soutenir dans nos écoles fondamentales les élèves avec des problèmes de dyslexie et de concentration.*
- *nous réclamons la construction de la nouvelle école et Maison relais Lenkeschléi dans les meilleurs délais, car la réalisation du quartier d'habitation avance à grands pas!*
- *nous voulons la garantie de sécurité absolue de l'école Deich aprés la réfection des plafonds caducs dans 14 salles de classe !*

## /// CSJ DIDDELENG

### ENG DYNAMESCH PRESIDENTIN



Mäin Numm ass Françoise Kemp. Ech hu 25 Joer a studéiere Mathematik.

Als Presidentin vun der CSJ Diddeleng, Trésorière vun der CSJ National a Sekretärin bei den CSJ - Schüler a Studenten engagéieren ech mech aktiv an der Politik. An der Gemeng zu Diddeleng sinn ech Member an der Kommissioun „Nei Medien".

De Moment huelen ech Deel um Nowuessförderprogramm vun der CSV an engagéire mech am Scoutissem.

Ech sinn aktive Member vun der CSV, well mir déi chrëschtlech-sozial Wäerter um Häerz leien.

D' Politik ass de Motor vun der Gesellschaft a stellt e rechtleche Kader vum Zesummeliewen duer. Mir ass et wichteg, d' Uleies vun eiser Gesellschaft ze erkennen a mech fir d'Gesellschaft, mee och fir all Eenzelnen, anzesetzen, ganz nom Motto vum Baden-Powell: "Versich d'Welt e Stéck besser ze verloossen, wéi s du se virfonnt hues".

***Le parti CSV - Dudelange continuera à soutenir ses revendications dans l'intérêt des enfants de Dudelange !***

## /// DÉI BAMALLÉE OP DER LËTZEBUERGERSTROOSS MUSS ERHALE BLEIWEN !



D'Propos vum Nohaltegkeetsminister Fränz Bausch fir déi wäertvoll Bamallée am Nord-Agang vun Diddeleng mat dem Fouss-a Vëloswee dernieft ze afferen, fir eng 4-spuereg Strooss ze bauen, huet héich Welle geschloen.

Vill Stied beneiden eis, dass mir esou ee schéint Entréesportal fir an Diddeleng eran hunn. Mir mussen alles drusetzen, dass dat och esou bleift.

D'Beem hunn dernieft jo och eng wichteg Lärmschutzfunktioun a botzen d'Loft an deem Eck. Dat ass net vu Muttwëll. Wann emol dee grousse Rond-point um Birenger Kräiz fäerdeg ass an den CFL-Multimodal-Plateau vollwäerteg funktionéiert, da fuere sécher nach méi Autoen a Camionen duerch d'Lëtzebuerger Strooss.

Fir de Verkéier am Norddeel vun Diddeleng ze entlaaschten, huet d'CSV-Diddeleng am Gemengerot scho säit Jore gefuerdert, dass eis Gemeng onbedéngt d'Strooss "Louis Rech", déi laanscht de Staatslabo op "Koibestrachen" féiert, bis op d'Näerzengerstrooss muss weider ausbauen. Dat wär

1. eng däitlech Entlaaschtung fir d'Lëtzebuergerstrooss,
2. eng Verbesserung vum Verkéiersfloss virun allem fir d'Quartieren Ribeschpont a Butschebuerg an och a Richtung Keel,
3. eng Méiglechkeet fir d'Zone "Koibestrachen" duerch déi néideg Infrastrukturaarbechten och méi interessant ze maache fir hei nei Betriber unzesidelen.

Den LSAP-Schäfferot ënnerstëtzt eis Propos awer net !

D'CSV- Diddeleng hat och nogefrot, ob et net méiglech wär, fir den Accès zum geplangte Supermarché "LIDL" (nieft der Gäertnerei BREININGER) direkt iwwert d'Autobunnsoffaart vun der A13 hannert dem Staatslabo erlaanscht ze assuréieren, fir dass nëtt all Client a Fournisseur iwwert d'Lëtzebuergerstrooss muss fueren.

Dës Iddi gouf net zréckbehalen.

Eng weider Fuerderung vun der CSV betrëfft d'Erhale vun der Vëlospist an dem Foussgängerpassage duerch de grousse Rondpoint op der Lëtzebuergerstrooss.

D' CSV - Diddeleng wäert sech weiderhi staark maachen, dass ee Foussgänger- a Vëloswee muss mat ageplangt ginn, fir d'Verbindung Richtung Beetebuerg oprecht ze halen.

**CSV-Diddeleng ... Mir maache konkret Proposë fir d'Liewensqualitéit an eiser Stad ze verbesseren !**

**Marco Him**



**MARCO HIM**
**KOMITEESMEMBER VUN DER CSV-DIDDELENG**

## /// SOU WÄIT KÉINT ET KOMMEN



© Foto:Internet

... wann den Nohaltegkeetsministère weiderfiert mat Beem emhaën...

CSV

## /// KOMPETENZTEAM DER CSV DÜDELINGEN VERSTÄRKT DURCH UNSERE ABGEORDNETE SYLVIE ANDRICH-DUVAL



In der Chamber setzt sich Sylvie Andrich-Duval, über die Belange der Düdelinger Bürger hinaus, für Themen des öffentlichen Interesses ein als Sprecherin der CSV in Fragen Chancengleichheit und als Mitglied in 7 parlamentarischen Ausschüssen.

Während der Parlaments-Session 2015-2016, bezog sie im Namen der CSV Stellung zu 6 Gesetzesprojekten, stellte 3 mündliche sowie 43 schriftliche parlamentarische Anfragen an die Regierung und intervenierte in verschiedenen öffentlichen Hearings.

Auch legte sie eine Motion zur Gesetzesvorlage, die den Beruf des Psychotherapeuten regelt (PL 6578), eine Alternative zu der Gesetzesvorlage über die Einführung von Quoten in der Politik (PL 6892) und, zusammen mit der Abgeordneten Françoise Hetto-Gaasch, einen Gesetzesvorschlag (PPL 6955) zur Verbesserung der Rechte der Transgender Personen vor.

Weitere Details finden Sie unter dem Link zum Parlament : www.chd.lu (Kolonne rechts den Namen eingeben).

## /// CSV DIDDELENG ON TOUR



///1



///2





///3

///1 Eis dynamesch Presidentin bei eiser Mammendaksaktioun um Maart

///2 Generalversammlung 2016: Éirung vu Verdingschtvolle Memberen

///3 Eise Stand op der Braderie

**TOUTES LES PHOTOS SUR NOTRE PAGE FACEBOOK**

**NOS ACTIVITÉS SUR NOTRE SITE INTERNET**

csvdudelange www dudelange.csv.lu

Ënnert der Responsabilitéit vun der CSV Sektioun Diddeleng